Bericht iwert d'Central-Comitéssötzongen
vum leschte Mo'nt.

---

<u>Sötzong vum 28.1.1949.</u>

No der Erlédegong vun der Korrespondenz,wo' neischt Speziellesvirleit,get iwert d'Zeitong diskute'ert.D'Ausbezuehlen vun de Matarbechtergelder göt ünnersicht an nei festgesât.Et göt beschloss all dém wât d'Ligue ugét villme' Plâtz an der Zeitong anzeraumen.Besonnesch soll dann an Zo'konft e kurzen Sötzongsbericht vun den Réunio'nen vum C.C. an d'Zeitong kommen.

D'Jeunesse Fédéraliste an d'Jeunesse Musicale kre'en och régelmässeg èng Plâtz an onser Zeitong reserve'ert,fir no an no des Jongen,de' jo an dém Moment Intresse drun hun,och als Abonnenten ze kre'en.D'Frô ass och stude'ert gin,a we' weit mir och erröm èng Seit fir eis Armée solle brèngen.Am Prinzip ass den C.C. mat all déne Ponkten d'accord.

Fir gené Détailler iwert d'Carte de Priorité ze kre'en göt beschloss èng Entrevue beim Innenminister Schaus unzefrôen.

Den C.C. beschle'sst sèng Stellongnahm zum Krichsschie'degesetz festzeléen.Des Frô göt an der nächster Setzong nach weider behandelt.

## Sötzong vum 31.1.1949.

De Komerod Fandel önnersicht d'Krichsschädegesetz an we'fern et fir eis befridegend ausgefall ass, an hien stellt fest, dat mir an ve'er Ponkten nöt können d'accord sin.
Hien verlângt dofir:

1) Gleichberechtegong vun den Militärdéporte'erten mat den Zivildéporte'erten.
2) Gleichberechtegong vun den Witfrâan vun den Militätdéporte'erten mat déne vun den Zivildéporte'erten.
3) D'Ofschâfong vun der Neifestsetzong vum Degré d'invalidité.
4) D'Ofschâfong vun der Dürftegkétsklausel bei den Aszenden - ten-Renten.

Hien bie'd weider den C.C. de' ne'deg Mesüren z'ergreifen fir des Fuerderongen och ze erréchen.

De Komerod Gremling ass dann am Lâf vun der Discussio'n op en ânert Thema kom. Hien stellt fest, dat de Komerod Bochet aus der Zeitong sech geweigert huet, sèng Uerderen auszefe'eren an verlângt dat energesch muss ageschratt gin. ~~Dorophin gét èng véhement Discussio'n un we' bâl jidderèn dem Bochet eppes virzewerfen huet~~, an schliesslech fuerdert de Komerod Fandel de Bochet we'nst refus d'obéissance, ~~we'nst schlechter Verwaltong vun der Zeitong an we'nst differentio'n vun verschiddenen Memberen vum C.C.~~ fristlos ze entlössen. Den Komerod Linden hätt gär wann de Bochet selwer ge'ng virun den C.C. geruff gin fir dat hien sech könnt verdédegen, hien könnt op einfach Aussöen hin kén verurtélen. De Virschlag göt awer verworf. Et könnt dann zur Ofstömmong an de Vote fällt folgendermâssen aus: vu siwen Stömmen 6 derfir bei ènger Weigerong fir iwerhâpt ofzestömmen.

Et göt dann beschloss fir des Woch nach èng zwét Sötzong anzeberuffen fir d'Frô iwert de Krichsschued eso' se'er we' me'glech erledegt ze kre'en.

Sötzong vum 2.2.1949.

Gleich am Ufank vun der Sötzong frét de Komerod Wintringer dén an der leschter Sötzong nöt konnt derbei sin,Opschloss iwert d'Entlossong vum Bochet.Et könnt dann zo' ganz opgeregten Diskussio'nen,an schliesslech liest den Komerod Fandel de Bre'f vir,wo' en dem Bochet sèng Entlôssong matdélt.

Et könnt dann zur Diskussio'n iwert de Krichsschued.Ponkt fir Ponkt göt önnersicht,an den C.C. höllt dem Komerod Fandel sèng Virschle' alleguerten un.Weider göt beschloss an der Nächster Sötzong èng Résolutio'n auszearbechten.

Setzong vum 7.2.1949.

Gleich am Ufank frét de Komeröd Schergen vum der Zeitong dén an des Sötzong gelueden ass, sech d'Wuert. Hien stellt fest, dat mir eis Zeidong o'ni Annoncen nöt können hâlen an hien bie'd den C.C. well de Bochet nöt me' do ass, onbedengt en âneren Mann ze sichen. Weider önnerbrét hien dem C.C. èng Propositio'n vum Komerod Bruch an vum Fernand Georges(Matarbechter vun der Zeidong) an der et héscht: well eis Zeidong sech vleicht nöt als rentabel ge'ng erweisen, soll den C.C. envisage'eren fir se an Zo'Konft nömme me' op 4 Seiten kommen ze lôssen. Den Komerod Linden sét dat wär kèng Le'wong an mèngt et ge'ng sech nömmen dröm dre'en fir d'Zeitong intressant ze mâchen dann ge'ng se och geliest ginn. Den Komerod Schergen mecht dann weider drop opmierksam, dat den Fernand Georges sech bei him geäussert huet, hien hät et férdeg bruecht, dat de Bochet aus der Zeidong entlôss gin ass an dat hien, wann eis Zeidong him sei Mattarbechtergeld nöt me' könnt bezuehlen, hien sech verschidden Utensilien aus dem Büro vun der Ligue ge'ng mathuelen. Den C.C. ass iwert eso' Äusserongen ganz empört an den Komerod Fandel sét wann den C.C. et ge'ng erlâben, ge'ng hien him e Bre'f schreiwen wo'ran mir him verbidden eise Büro nach èng Ke'er ze betrâe'den an op sèng weider Mattarbecht verzichten. Den C.C. ass éstömmeg mat der Propositio'n d'accord.

Et Könnt dann zum Ausschaffen vun der Résolutio'n betr. Krichsschiedegesetz. Des Résolutio'n göt an der nächster Sötzong virgeluegt.